

Coifferen a Kosmetikberuffer sollen hir Déngschter nees ubidde kënnen!

Pressematdeelung vum 30. Abrëll 2020

Aus Däitschland héiert een, datt d'Coifferen an och aner Kosmetikberuffer de 4. Mee hir Servicier nees duerfen ubidden, wann och ënner bestëmmte Sécherheetsvirgaben.

D'ADR denkt, datt och zu Lëtzebuerg wéinstens eng Rei kosmetesch Beruffer sollten d'Méiglechkeet kréien, de Betrib nees opzemaachen an hir Clienten ze betreien.

Eng Normaliséierung am Beräich vun de Kosmetikservicer, natierlech ënnert den néidege Sécherheetsprozeduren, misst zum aktuellen Zäitpunkt nees méiglech sinn. Domat reduzéiert een och de Risiko, datt esou Servicier ouni déi néideg Sécherheetsprozedure ugebuede ginn. D'Leit kéinten där individueller Kierperhygiène gerecht ginn an dat hätt e positiven Effekt op d'Wuelbefanne vun de Leit, deenen dës Situatioun vu verlängertem Confinement – mat allen Aschränkungen, der Isolatioun an de berechtigten Existenzängscht – schwéier genuch fält.

D'ADR seet: Gitt de Leit d'Méiglechkeet zeréck, bei de Coiffer ze goen an aner néideg Rendez-vousen am Kosmetikberäich ze maachen, fir datt si hirer gewinnter Kierperhygiène nees nokomme kënnen.